PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 11/11/2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Mobilitéit & Bannenzeg Sécherheet weiderzeleeden.

A menger parlamentarescher Fro n°1251 wollt ech méi iwwert d'Iwwerwaachungsmesurë vun der CFL wëssen. D'Äntwert vum Minister liwwert Informatiounen iwwert déi jeeweileg Späicherfristen, d'Accèse souwéi d'Consultatioune vum Iwwerwaachungsmaterial.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. An der Äntwert schwätzt den Här Minister op verschiddene Platze vu befugte Persounen. Wien sinn dës befugte Persounen a vu wiem kréien se hir Autorisatioun ausgestallt?
    - Falen och d'Zuchbegleeder souwéi d'Lokomotivféierer ënnert dës befugte Persounen?
        - Falls jo, vu wiem erhalen si d'Autorisatioun?
        - Hunn dës Persoune speziell Schoulungen hisiichtlech den Dateschutzgesetzer absolvéiert?

2. Wéi vill Strofdote konnten duerch Videoopnamen vun der CFL an de leschte Joren tatsächlech opgekläert ginn?

3. A wéi ville Fäll waren d'Opnamen, déi zur Opklärung vun der Strofdot hätte féiere kënnen, scho geläscht de Moment wou d'Police se ugefrot huet?

4. Bei wéi ville Plainten, déi d'Police am Beräich vum ëffentlechen Transport krut, huet d'Videomaterial een Opschloss iwwert de Virgank vun der Dot ginn? Bei wéi ville net?

5. Bei wéi ville Plainten, déi d'Police am Beräich vum ëffentlechen Transport krut, konnt d'Videomaterial net benotzt ginn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député

PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange